PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sport & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

D'Schwammmeeschteren zu Lëtzebuerg sinn net nëmmen um Bord vum Baseng, mee och um Bord vun der Verzweiflung. Zanter 15 Joer fuerderen si e Changement an der Schwammpolitik, well d'Kanner ëmmer manner gutt schwamme kënnen.

Dës Entwécklung ass bedenklech, well d'Schwamme kënnen net nëmmen am Kader vun der Gesondheet an der Fräizäitgestaltung wichteg ass, mee och liewenswichteg ka sinn. Wa Kanner net méi richteg schwamme léieren, kéint dat an Zukunft zu méi Accidenter am oder um Waasser féieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Mesurë gesäit de Ministère fir, fir d'Schwammfäegkeete vun de Kanner nees ze verbesseren?
2. Wäert de Ministère d'Schwammmeeschteren an d'Veräiner beim Ausschaffe vun engem Aktiounsplang mat abannen, fir vun hirer Expertis ze profitéieren?
3. Wéi kann een d'Eltere méi staark sensibiliséieren, fir datt si d'Wichtegkeet vum Schwamme léiere fir hir Kanner erkennen?
4. Ass virgesinn d'Schoulmeeschteren an der Grondschoul an an de Lycéeën am Beräich vum Schwammunterrecht besser ze forméieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten